



Lëtzebuenger Guiden a Scouten

Rotschléi fir eng BA am Kontext vum COVID-19 :

- Proposéiert ären Avex, CaraPio a RaRo, fir während hirer Fräizäit ufällege (virun allem eelere) Leit, déi wéinst dem Coronavirus sollen doheem bleiwen, Kommissiounen ze erleedegen (z.B. Liewensmëttel an Hygiènesartikelen akafen, Medikamenter besueren, asw.). Dës Leit sinn net a Quarantaine, si sinn net infizéiert, et besteet also kee spezielle Risiko fir déi Jonk.
- Heifir musse keng Versammlungen organiséiert ginn, benotzt léiwer elektronesch Kommunikatiounsmëttel wéi SMS, FB-Messenger, Whatsapp, asw.
- Beschränkt iech op dat lokalt Ëmfeld (Uertschaft, Quartier).
- Informéiert déi betrafte Leit dass dir dës Hëllef kënt ubidden (am Unhang ass als Beispill e Bréif, deen dir kënt upassen).
- Frot iech bei de betrafte Leit eng genee Akafslëscht, am beschte schrëftlech.
- Iwwerleet iech ob d'Leit iech d'Sue virstrecken oder réischt duerno bezuelen.
- Selbstverständlech gëtt dës BA gratis ugebueden.
- Schéckt kleng Ekippe vun 2, maximal 3, Jonken akafen, ëmmer nëmme mat der Commande fir eng Persoun.
- Dot d'LGS-Uniform an de Foulard un, dat schaaft Vertraue bei de Leit.
- Probéiert lokal anzekafen an domadder d'Transporter mam Auto a mam öffentlechen Transport ze vermeiden. Schéckt déi Jonk souwäit et geet zu Fousse oder mam Vëlo akafen.
- Kuckt, dass déi ufälleg Leit alles kréie wat se brauchen, encouragéiert awer keng „Hamsterkeef“.
- Respektéiert d'Killkette bei de Liewensmëttel.
- Vergiesst d'Rechnungen net.
- Iwwerrecht de Leit d'Akeef un der Dier. E kuerzen Austausch heibäi ass wëllkomm a reduzéiert déi sozial Isolatioun vun den ufälleg Leit. Vermeit awer dass dëst zu engem längere Kaffiskränzche gëtt, wéinst der theoretescher Infektionsgefor. Schwéier Saache kënt dir awer natierlech eran droen, z.B. an de Keller. Nach eng Kéier : dës Leit sinn net krank !
- Wann d'Leit iech en Dréngeld wëlle ginn, kënt dir dat unhuelen an un e gudden Zweck spenden (de Leit dat och soen).

Lëtzebuenger Guiden a Scouten Verbandscomité

5, rue Munchen Tesch – L-2173 Luxembourg
lgs.lu - Email : comite@lgs.lu



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux^{LU}

VOYAGES
VANDIVINIT
Reizen mat Stil

BIL
BANQUE
INTERNATIONALE
À LUXEMBOURG
1899



Lëtzebuenger Guiden a Scouten

- Wann der wëllt, kënt der deenen ufällege Leit nach eng kleng "Iwwerraschung" dobäi ginn, z.B. eng Blumm oder eng Zeitung, dat ass gutt fir d'Moral.
- Dir kënt och Fotoe vun ärer BA maachen an op de soziale Medie posten, mat positive Message kann een do de sëllegen Hiobsbotschaften entgéint wierken. Hei kënt dir den Hashtag #guidenascouten benotzen.
- Sidd iech bewusst, dass d'Moosname vun der Pandemie nach laang kënnen unhalen, mat enger Kéier akafe goen ass et net gedoen. Erkläert deene Jonken dat och.
- **Guiden a Scouten déi krank sinn (Féiwer, Houscht), däerfen net matmaachen !**
- Dëst sinn allgemeng Rotschléi, fir iech ze hëllefeng eng BA am Kontext vum Coronavirus op d'Been ze stellen, dir kënt se gär un är lokal Besoien upassen.
- Virun allem : sidd kreativ, onkomplizéiert a gitt aktiv !

am Numm vum Verbandscomité
Dr David Heck

Lëtzebuenger Guiden a Scouten
Verbandscomité

5, rue Munchen Tesch – L-2173 Luxembourg
lgs.lu - Email : comite@lgs.lu



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux

**VOYAGES
VANDIVINIT**
Reizen mat Stil

BIL BANQUE
INTERNATIONALE
A LUXEMBOURG
1888